

Invitatioun

Léif Leit aus der Gemeng Ierpeldeng-Sauer,
Léif Membere vun de Veräiner,

Et ass erëm esouwäit. D'Villercher fänken nees u mat Sangen, d'Deeg gi lues a lues méi laang an d'Natur fänkt un aus dem Wanterschlof ze erwächen.

D'Zäit kënt also wéi all Joer fir eis traditionell

«GROSS BOTZ».

Si fënnt statt samschdes, de **18. Mäerz 2023**.

Treffpunkt ass am **Schlasspark** um **9.00 Auer**, wou d'Opdeelung gemaach gëtt.

Kommt zu dacks, da mécht et och méi Spaass fir eis Dierfer nees propper zu kréien.

D'Ëmweltkommissioun seet ee grouse Merci fir Är wäertvoll Mathëllef !